Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Claude Meisch), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par Mme Simone Beissel), MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Niki Bettendorf), John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Colombera et Jean-Pierre Koepp.

Domat kéime mer dann zu eisem nächste Punkt vum Ordre du jour. Dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi 4820, eng Konventioun zum Schutz vun de Kanner.

Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Fayot, Bettel, Henckes, d'Mme Wagener an den Här Bisdorff.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Paul-Henri Meyers.

7. Projet de loi 4820

- **portant approbation de la Convention de La Haye du 29 mai 1993 sur la protection des enfants et la coopération en matière d'adoption internationale,**
- **modifiant certaines dispositions du Nouveau code de procédure civile, et**
- **introduisant l'article 367-2 au code pénal**

Rapport de la Commission juridique

M. Paul-Henri Meyers *(CSV), rapporteur.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, duerch de Projet de loi 4820 soll d'Chamber haut d'Konventioun vu La Haye vum 29 Mee 1993 iwwert déi international Adoptioune guttheeschen.

Déi Konventioun regelt d'Matière vun den internationalen Adoptiounen an doduerch bréngt se eng gréisser Protectioun fir d'Kanner. Si soll och den Intérêt vun de Kanner regelen an eng besser Kooperatioun tëschent de Länner engersäits wou d'Kanner, déi adoptéiert ginn, hierkommen, an den Elteren, déi d'Kanner adoptéieren, regelen.

Gläichzäiteg mussen awer zu Lëtzebuerg, fir d'Konventioun ëmzesetzen, e puer Artikele vum neie Code de procédure civile geännert ginn, an et gëtt och een Artikel 367-2 an de Code pénal ageféiert, dee Strofe virgesäit, wann Intermédiairen aus där Adoptioun e Gewënn géifen zéien, deen net gerechtfertegt wär.

D'Konventioun vu La Haye ass ze gesinn an der Ligne de conduite vun deene Mesuren, déi och bei eis zu Lëtzebuerg an deene leschte Jorzéngte geholl si ginn. Ech erënneren hei un d'Gesetz vun 1989 iwwert d'Adoptioun, dat d'Artikelen 343 bis 370 nei verfaasst huet. Ech erënneren och un d'Gesetz vum 31. Januar 1998, dat den Agrément virgesinn huet vun deene Servicer, déi sech ëm d'Adoptioun këmmeren.

Zënter 30 Joer, a besonnesch och duerch d'Erliichterung vun der Adoptioun, net nëmme bei eis hei am Land, mä a ganz villen europäesche Länner, huet d'Zuel vun de Kanner, déi adoptéiert si ginn, ganz staark zougeholl. An zwar huet dat dozou geféiert, dass méi Demanden do ware vu Leit, déi Kanner adoptéiere wollten, wéi iwwerhaapt Kanner konnten adoptéiert ginn. Et ware laang Wartezeiten do, an dat huet mat der Zäit och dozou geféiert, dass eng Rei vu Leit, déi adoptéiere wollten, sech u Servicer vun anere Länner gewannt hunn, wou Kanner disponibel waren. Dat war haaptsächlech de Fall fir Länner aus Süd- a Mëttelamerika, awer och verschidden asiatesch Länner.

Ganz séier war natierlech och gewosst, an et hunn och Intermédiairen dat gemierkt, souwuel an deene Länner wéi wahrscheinlech och bei eis, dass een doraus ee Gewënn kënnt zéien. Et muss een och soen, dass ganz am Ufank déi Adoptioune vläicht net ëmmer den Intérêt vum Kand am Viséier haten, mä dass och Leit versicht hunn, hire perséinleche Gain aus deenen Adoptiounen ze zéien.

Dat huet dozou geféiert, dass 1988, bei der 16. Sessioun vun der Konferenz vu La Haye iwwert den Droit international privé, décidéiert ginn ass, fir eng Konventioun auszeschaffen, déi d'Adoptiounen um internationale Plang soll regelen. Déi Konventioun ass ausgeschafft ginn a se konnt 1993 vu 47 Länner signéiert ginn, vun deene bis elo 33 Länner déi Konventioun ratifizéiert hunn. Et stinn nach eng Rei Länner aus. An Tëschenzäit hunn awer och eelef Länner sech bereet erkläert, fir zu där Konventioun ze adhéréieren an déi Konventioun och bei sech unzewenden.

Lëtzebuerg ass eent vun de Länner, wat déi Konventioun signéiert huet. Et kann een sech och d'Fro stellen - dat ass 1993 geschitt -: Firwat gëtt déi Konventioun eréischt haut hei an der Chamber diskutéiert an ugeholl? Lëtzebuerg huet missen, wéi och aner Länner, a sengem interne Recht eng Rei Dispositiounen ëmänneren, fir der Konventioun gerecht ze ginn. Mir hunn notamment missen den Agrément vun deene Servicer virgesinn, déi sech ëm d'Adoptioun këmmeren, an dat ass, wéi ech scho gesot hunn, duerch d'Gesetz vum 31. Januar 1998 geschitt, sou dass elo d'Konventioun och ka gestëmmt a ratifizéiert ginn. Lëtzebuerg ass also elo, wat d'Konventioun ugeet, a senge Servicer, an an deem wat, virgesinn ass an der Konventioun, conforme zu deenen Dispositiounen.

Zwee Wierder, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, iwwert d'Konventioun selwer: D'Konventioun gesäit vir an hirem Champ d'application, dass se sech applizéiert

op déi Kanner, déi an engem Land wunnen, wat d'Konventioun ugeholl huet an déi duerch d'Adoptioun an een anert Land déplacéiert ginn, wat och d'Konventioun ugeholl huet a wou dann d'Kand adoptéiert gëtt.

D'Konventioun bezitt sech also, sou wéi d'Situatioun elo ass, op manner wéi 50 Länner. Et sinn allerdéngs och verschidde Länner do, déi weder d'Konventioun ënnerschriwwen nach scho guer net ratifizéiert hunn, mä déi awer bereet sinn, d'Dispositioune vun der Konventioun bei internationalen Adoptiounen ze respektéieren, obschonn se net déi Konventioun ënnerschriwwen hunn. Et bleift also an där Hinsicht, wat de Champ d'application ugeet, wat d'Länner ugeet, nach ganz villes ze maachen. Eng ganz Rei Kanner - an dat fannt Der an deem schréftleche Rapport erëm -, déi hei zu Lëtzebuerg adoptéiert ginn, kommen och aus esou Länner. Ech erënneren do un Indien an u Korea.

D'Konventioun fixéiert dann d'Bedingunge fir déi Kanner, déi adoptéiert ginn. Si applizéiert sech op Kanner vu manner wéi 18 Joer. Et muss festgestallt ginn, dass dat Kand adoptabel ass, dass dat net an deem eegene Land ka geschéien. D'Adoptioun muss am Intérêt vum Kand sinn. D'Adoptioun muss fräi sinn an déi, déi d'Awëllegung ze ginn hunn zur Adoptioun, mussen déi Awëllegung och fräiënne ginn. Och d'Mamm muss déi Awëllegung ginn a se däerf se eréischt ginn no der Gebuert vum Kand.

Et sinn och Bedingunge virgesi fir d'Adoptanten. Et muss festgestallt ginn, dass déi, déi d'Kand adoptéieren, qualifizéiert an apte sinn, fir déi Adoptioun virzehuelen, dass se also d'Bedingungen och erfëllen. Et muss och festleien, dass si à même sinn, fir deem Kand, oder am Intérêt vum Kand, déi Erzéiung esou ze maachen, wéi dat noutwendeg ass. Et muss och séchergestallt ginn, dass d'Kand kann an dat Land goen, wou d'Adoptioun geschitt, an dass et och do ka bleiwen.

Fir déi Bedingungen ze kontrolléieren, ginn an deenen eenzelne Länner, déi d'Konventioun ratifizéiert hunn, Servicer geschaf. Eng zentral Autoritéit soll d'Adoptiounen iwwerwaachen an och e Suivi vun den Adoptioune maachen. Si soll och kucken, wann d'Kand do ass, dass d'Bedingungen och weider erfëllt ginn. Dat ass zu Lëtzebuerg de Fall fir de Ministère de la Famille, dat ass also d'Autorité centrale, déi zesumme mat deenen agrééierte Servicer d'Adoptioune surveilléieren an och déi Adoptiounen am Sënn vun der Konventioun an am Sënn vum Gesetz vun 1998 suivéieren.

Et ass och virgesinn, dass d'Adoptioune musse geschéien iwwer Autoritéiten, wéi se an deem Land virgesi sinn. Bei eis ginn d'Adoptioune gemaach iwwert d'Geriichter, also kréien och d'Geriichter gewësse Kompetenzen, notamment fir festzestellen, ob déi Bedingungen, fir adoptéiert ze ginn oder fir ze adoptéieren, erfëllt sinn. Wat d'Adoptanten ugeet muss dofir bei eis den neie Code de procédure civile geännert ginn, well d'Geriicht feststelle muss, dass en vue de l'adoption an enger Procédure préliminaire d'Konditiounen erfëllt sinn.

Et muss ee Certificat ausgestallt ginn, deen an deem Land wou d'Kand lieft, virgewise gi muss, deen dann och beweist, datt d'Elteren d'Bedingunge vun der Adoptioun erfëllen.

Et sinn da Prozedure virgesinn wou ech net an d'Detailer goe wëll. D'Effete sinn déi, dass wann eng Adoptioun an deem Land wou d'Kand lieft virgeholl ginn ass, da gëtt d'Adoptioun vun all aner Land wat d'Konventioun ratifizéiert huet unerkannt, sou dass d'Elteren, déi adoptéieren, net nach eng Kéier bei d'Geriichter vun hirem Land goe mussen, fir eng nei Adoptioun virzehuelen, wéi dat bis elo de Fall war. Mir erkennen also dat Urteel vun deem Land u wou d'Kand gelieft huet.

Schlussendlech ass nach eng Disposition pénale virgesinn. Domat entsprieche mer dem Artikel 32 vun der Konventioun dee seet, dass keen en ongerechtfertegte Gain aus där Adoptioun zéien däerf, a wann dat de Fall wär, da mécht e sech strofbar op Grond vum Artikel 367/2 vum Code pénal, dee virgesäit, dass een zu enger Prisongsstrof ka veruerteelt gi vun aacht Deeg bis zwee Joer an zu enger Geldbouss, déi tëschent 251 an 10.000 Euro läit.

Dëse Projet regelt sécher net all d'Problemer am Zesummenhang mat den internationalen Adoptiounen, doduerch dass net all d'Länner déi Konventioun signéiert oder ratifizéiert hunn. E bréngt awer, fir déi Länner, déi dat gemaach hunn, dorënner fale quasiment all d'europäesch Länner an och ganz vill Länner aus Südamerika, een neie Fortschrëtt bei der Adoptioun, an duerfir proposéiert och d'Kommissioun déi Konventioun an déi Ännerunge vum Code de procédures civiles a vum Code pénal unzehuelen.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Ben Fayot *(LSAP).-* Här President, ech wollt soen, dass dem Här Rapporteur seng Explikatioune ganz ausféierlech waren, souwuel a sengem mëndleche wéi och a sengem schréftleche Rapport, fir déi mir him och merci soen. Ech wollt och direkt soen, dass dës Konventioun selbstverständlech e wichtegt Instrument ass am Zesummenhang vun de Prozedure vun der Adoptioun, dat meng Fraktioun akzeptéiere kann. Ech wëll also net méi op déi Punkten agoen, déi den Här Rapporteur virbruecht huet.

Ech wollt awer trotzdeem e puer Punkten ervirsträichen déi mer wichteg schéngen. Fir d'éischt ass dat hei jo eng Konventioun, déi, wa mer se ratifiéieren, contraignant

fir eis ass, sou dass mer also déi Prozedur ganz prezis respektéiere mussen. Et schéngt wéi wann och Net-Memberstate vun der Konventioun, déi och un der Ausaarbechtung vun der Konventioun matgehollef hunn, hir Bereetschaft gewisen hätten, se ze respektéieren, an do wär natierlech interessant gewiescht, Här President, wann een e bësse méi Detailer doriwwer gehat hätt. Ech hu just konstatéiert am Rapport vum Conseil d'Etat, wéi och am Rapport vun der Commission juridique, dass et dräi Länner gëtt, déi d'Konventioun bis elo nach net ënnerschriwwen oder ratifiéiert hunn, aus deenen eng ganz Partie Kanner kommen, déi zu Lëtzebuerg adoptéiert ginn.

Dat ass Südkorea, Guatemala an Indien, aus deene bis zu 70% vun de Kanner kommen, déi zu Lëtzebuerg adoptéiert ginn. Do wär et interessant gewiescht, méi Informatiounen ze hunn, firwat dass déi Länner déi Konventioun net ratifiéiert hunn an ob net d'Hoffnung besteet, dass déi Länner déi Konventioun ratifiéieren, well ech mengen et wär scho wichteg, wa bei deenen zwou Parteien, dat heescht engersäits d'Land wou d'Kanner fortginn an anersäits d'Land wou d'Kanner ukommen, déi Konventioun ratifiéiert wär, an dass d'Länner sech dann och dorunner hale missten.

Dat ass elo schued, dass mer dat net esou mat der leschter Prezisioun hunn. Et wär op jidde Fall interessant an de Relatioune mat deene Länner, déi mer als Stat, hunn och drop hinzeweisen, dass et wichteg wär, dass se déi Konventioun ratifiéiere géifen, obscho mer jo natierlech keng Prise op d'Länner hunn, besonnesch wann et sou grouss Länner wéi Indien sinn.

De Conseil d'Etat huet souguer eng Mesure extrême virgeschloen, nämlech dass ee mat deene Länner, déi d'Konventioun net ugeholl hunn an och net ratifiéiert hunn, keng Relatiounen um Gebitt vun der Adoptioun méi hu soll. Dat schéngt mer trotzdeem e bësse wäit ze goen, besonnesch och wann ee bedenkt, dass mer jo awer do agrééiert Associatiounen hunn, déi mat deene Länner a Kontakt stinn an déi jo awer gutt Aarbecht maachen an och drop oppassen, dass alles no de Regele geet.

Een anere Problem, dee jo och diskutéiert ginn ass, dat ass dee vum sou genannte Gain indû, dat heescht dass keen aus der Adoptioun e materielle Profit erauszéien däerf. Dat ass och eng ganz legitim Préoccupatioun.

Ech wëll awer trotzdeem soen, dass dat, wat ech vun deenen Associatioune weess, op jidde Fall zu Lëtzebuerg, an och an hire Relatioune mat deene Länner, wou d'Kanner hierkommen, dass déi Regelen an déi Prozeduren awer relativ strikt sinn an och observéiert ginn, sou dass déi Gefor net extrem grouss ze si schéngt.

Ech wëll och ënnersträichen, dass an deenen Associatiounen, déi sech ëm Adoptioune vu Kanner bekëmmeren, ganz vill Enthusiasem an och vill Solidaritéit besteet mat deene Länner wou déi Kanner hierkommen, an dass déi an de Pays d'origine vun de Kanner eng Partie konkret Entwécklungsprojeten förderen, fir de Kanner, déi do a Weesenhaiser sinn, ze hëllefen.

E leschte Punkt, deen ech ënnersträiche wollt, ass - den Här Meyers huet et jo och scho gesot -: Et muss vun engem Riichter constatéiert a certifiéiert ginn, dass d'Prozedure respektéiert ginn. Et ass just ze hoffen, dass duerch déi Démarche beim Geriicht d'Prozedur net nach méi laang gëtt, well d'Prozedur fir ee Kand hei zu Lëtzebuerg ze adoptéieren elo schonn extrem laang ass, dat heescht d'Elteren, déi ee Kand an Adoptioun froen, brauchen oft iwwer een, zwee Joer, bis et esou wäit ass, well alleguerten déi Prozeduren do bestinn. Ech mengen et sollt een awer dës Gedold vun den Elteren, déi sou Kanner adoptéiere wëllen, net ze vill strapazéieren, an dofir mäi Wonsch och, dass déi Prozedur um Geriicht déi bishereg Prozeduren net nach méi verlängert.

Dat gesot, Här President, ass meng Fraktioun selbstverständlech mat dëser wichteger Konventioun d'accord.

M. le Président.- Als nächsten Diskussiounsriedner ass den Här Xavier Bettel agedroen. Den Här Bettel huet d'Wuert.

M. Xavier Bettel *(DP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt fir d'éischt dem Rapporteur, dem Här Meyers, merci soe fir säin ausféierleche schréftlechen a mëndleche Rapport.

De Gesetzesprojet, dee mir haut stëmme sollen, soll eng international Konventioun an d'lëtzebuergesch Gesetzgebung ëmsetzen. Méi genau geet et ëm d'Convention de La Haye iwwert d'Protectioun vun de Kanner an d'Kollaboratioun tëschent de State bei internationalen Adoptiounen.

De Projet de loi vun haut leet awer och genau fest, wéi eng national Autoritéiten an eisem Land fir d'Iwwerwaachunge vun Adoptiounen zoustänneg sinn. Schlussendlech ginn dann och nach e puer punktuell Änderungen an eisem Code civil souwéi am Code pénal virgeholl. Et geet hei ëm déi Artikelen, déi d'Adoptioun traitéieren.

D'Convention de La Haye gesäit eng ganz Rei vu Moossname vir déi garantéieren, dass den Intérêt vum Kand bei Adoptiounen ëmmer am Virdergrond steet. Et soll bei der Adoptioun duerfir gesuergt ginn, dass déi Rechter respektéiert ginn, déi dem Kand duerch den internationalen Droit zoustinn. D'Konventioun gesäit eng Kooperatioun tëschent dem Gebuertsland vum Kand a senger neier Heemecht vir. Et geet hei virun allem dorëm, d'Entféierung an de Kannerhandel ze ënnerbannen.

Wa Lëtzebuerg dës Konventioun approuvéiert, dann hu mir een zousätzlecht juristescht Instrument, wat bei

internationalen Adoptiounen agesat gi kann. Mir setzen duerch dat Gesetz d'Conditions de fonds an de forme fest, déi bei enger Adoptioun agehal gi mussen. Mir bestëmmen an deem Gesetz souwuel déi judiciaire wéi och déi administrativ Organer, déi bei enger Adoptioun intervenéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Lëtzebuerg huet d'Konventioun vu La Haye schonn de 6. Juni 1995 ënnerschriwwen. Mir hunn also méi wéi fënnef Joer gebraucht, fir dës Konventioun an de lëtzebuergeschen Droit ëmzesetzen. Ech ginn net méi an de Detail op déi Änderungen an, well de Rapporteur déi jo schonn illustréiert huet.

D'Convention vu La Haye designéiert de Familljeministère als déi zentral Autoritéit, déi sech ëm d'Adoptioune këmmert. An där Fonctioun huet de Ministère bis elo aacht internationalen Associatiounen d'Recht zougestan, als Intermédiaire bei Adoptioune vu Mineuren ze intervenéieren. Dës Associatiounen, zu deenen ënner anerem d'"Amicale internationale d'aide à l'enfance", d'Association "Luxembourg Pérou" an d'Rout Kräiz gehéieren, hu säit 1994 en Total vu 509 Kanner vermëttelt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Konventioun ass wichteg. Nëmmen duerch e prezise legislative Kader kënne mir sécher sinn, dass kee Kannerhandel bedriwwe gëtt. Nëmmen duerch ee preziist Gesetz ginn déi fundamental Rechter vun den Adoptivkanner respektéiert a verhënnert, dass Familljen aus reng finanzielle Grënn ausernee gerappt ginn.

Natierlech ass dës Konventioun net den absolute Garant fir eng Adoptioun a gudde Verhältnisser. Et brauch een nëmmen ze bedenken, dass 60% vun de Kanner, déi vu lëtzebuergesche Famillje säit 1994 adoptéiert goufen, aus Länner kommen, déi dës Konventioun net ratifizéiert hunn. Trotzdeem stellt ee fest, dass souguer déi Länner awer drop halen, dass d'Heemechtsland vun dëse Kanner - also dat neit Heemechtsland vun dëse Kanner - d'Konventioun ënnerschriwwen huet.

Natierlech kéinte mir higoen a keng Kanner méi aus deene Länner ophuelen, déi d'Konventioun de La Haye net ënnerschriwwen hunn. Wann dat och laangfristeg déi bescht Léisung wär, muss ech mech hei der Meenung vum Statsrot uschléissen. Et ginn einfach vill méi Elteren, déi gäre géifen e Kand adoptéieren, wéi Kanner déi kënnen adoptéiert ginn. Duerfir wär et schwéier déi Länner, déi d'Konventioun net ënnerschriwwen hunn, einfach auszeschléissen a keng Kanner vun do unzehuelen.

Trotzdeem muss dat kompetent Organ, de Ministère de la Famille, probéieren, déi Länner, déi ënnerschriwwen hunn oder déi no dëser Konventioun handelen, bei den Adoptiounen ze privilegéieren an d'Associatiounen opfuerderen, verstäerkt mat deene Länner zesummenzeschaffen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zu gudder Lescht net dolaanscht, e puer Wierder zum Arrêt Fretté ze verléieren.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Ah, dat ass interessant!

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Dir hutt bestëmmt all an der Press verfollegt, dass d'Cour européenne des Droits de l'Homme d'lescht Woch décidéiert huet, dass si all Land d'Recht zougesteet, fräi ze décidéieren, ob si Homosexuellen d'Recht op Adoptioun gi wëllen.

Elo misste mir eis eng Kéier d'Fro stellen, wéi et dann zu Lëtzebuerg wär wann dës Problematik sech eng Kéier stellt.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Dat wäert jo gläich kommen!

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Ech géif proposéieren, dass mer dës Fro vläicht eng Kéier an der Commission juridique traitéiere sollten, fir ze kucke wéi d'Positioun hei wär.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eise Rechtsstat muss alles wat méiglech ass...

(Interruptions)

Ech hu gesot, mir sollen driwwer diskutéieren. Keng Opreegung, wann ech glift! Et wär gutt, wann een eng Kéier géif driwwer diskutéieren.

Eise Rechtsstat muss alles wat méiglech ass ënnerhuelen, fir d'Kanner bei enger Adoptioun ze schützen.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Mir si bereet iwwer alles ze diskutéieren.

(Hilarité)

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Voilà, mir sinn eng open minded Partei.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- D'DP ass op zu alle Säiten.

M. Xavier Bettel *(DP)*.- D'europäesch Geriichter hunn décidéiert, dass all Land selwer décidéiere soll, wéi eng Positiounen et dozou anhëlt. Ech mengen et wär awer wichteg an et wär och fir d'Populatioun wichteg ze wëssen, wéi d'Situatioun bei eis ass; wéi d'Land reagéiert wa sou eng Fro sech stellt, fir dass deen, deen eng Kéier an déi Situatioun kënnt, net muss op den europäesche Geriichtshaff goen, fir herno gesot ze kréien: "Äert Land muss dat selwer décidéieren."

(Interruptions)

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Är Meenung kënnt Dir jo ëmmer soen.

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Eise Rechtsstat muss all Méigleches ënnerhuelen, fir d'Kanner bei enger Adoptioun ze schützen.

D'Convention vu La Haye spillt hei eng essentiell Fonctioun an et gëtt Zäit, dass mir dës Konventioun, déi

mir ënnerschriwwen hunn, an eis Gesetzgebung ëmsetzen. Ech bréngen deemno zu dësem Gesetzesprojet och den Accord vun eiser Fraktioun. Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Rapporteur huet an engem excellenten an detailléierte Bericht d'Avantagë vun dëser Konventioun an déi noutwendeg Änneruungen an dem Code de procédure civile erläutert.

Ech mengen, et ass eent vun deene ganz wichtege Gesetzer, wat mer haut stëmmen, a wat ganz vill Leit an onsem Land betrëfft, déi vläicht net vill Gedäisch dobausse maachen, déi awer frou sinn, dass dës Konventioun zum Vote steet a Lëtzebuerg där adhéréiert.

Mir hunn zu Lëtzebuerg ronn 55 bis 72 Adoptiounen d'Joer. Dat sinn der relativ vill an et bedeit, dass Lëtzebuerg op deem Gebitt Demandeur ass, dass ganz vill Familljen op Adoptiounen aus dem Ausland zréckgräifen, well zu Lëtzebuerg net vill Kanner zur Adoptioun fräi gi ginn. Et ass dowéinst och richteg, dass mer déi Konventioun, déi mer hei virleien hunn, stëmmen, wouduerch mer sécherstellen, dass am Pays d'origine alles nom richtege Wee gemaach ginn ass.

Véier Pays d'origine, wou d'Kanner hierkommen, hunn déi Konventioun adoptéiert: Rumänien, Kolumbien, Brasilien a Litauen. Si representéieren awer nure 40% vun deene Kanner, déi adoptéiert ginn. Aner Länner, wou ganz vill Kanner adoptéiert ginn, ënner anerem Indien, hunn déi Konventioun net adoptéiert, mä dat wëllt awer net heeschen, dass an deene Länner déi Konditiounen net erfëllt ginn, déi vun ons erwaart ginn.

D'Fro, woufir déi Länner déi Konventioun net adoptéiert hunn, kann ee vläicht domat beäntwerten - zu engem Deel wéinegstens -, dass se amgaang sinn, dat ze maachen. Déi zweet ass, dass vläicht verschidde Prozeduren, notamment an Indien, tëschent nationalen a federale Staten a Kompetenzen tëschent deenen eenzelne Bundesstate vun Indien, vläicht net esou ganz einfach iwwert dës Konventioun kënne geregelt ginn a länger Diskussiounen a Prozedure bedierfen.

Et ass awer wichteg, dass mer dem Wonsch vun dem Conseil d'Etat net noginn, dee gesot huet, dass mer an Zukunft Adoptiounen aus deene Länner, déi d'Konventioun net signéiert hunn, net méi sollten acceptéieren. Ech mengen, dat wär de verkéierte Wee, well domat géinge bal 60%, wann net 70% vun den Adoptiounen hei zu Lëtzebuerg onméiglech gemaach ginn. Dat wier e schlecht Signal, an dofir sinn ech frou, dass mer an der Commission juridique ons eens waren, fir net op dee Wee ze goen.

Dat gesot, menge mir vum ADR, dass dat elei eng gutt Konventioun ass, dass et e gutt Gesetz ass, an dofir brénge mer eis Zoustëmmung.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Mme Renée Wagener.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wäert haut net op déi fundamental Fro iwwert de System vun der Adoptioun u sech agoen, obwuel ech der Meenung sinn, dass d'Chamber sech deem Thema onbedéngt misst an nächster Zäit unhuelen, wéi dat iwwregens an eisen Nopeschlänner am Moment amgaang ass ze geschéien.

Mat dem Aspekt vun den internationalen Adoptiounen, wou jo aus tiersmondistesche Kreesser, aus deenen ech entstammen, ganz vill Kritik ëmmer erëm geübt gëtt, misst ee sech och an dësem Parlament befaassen, besonnesch wann ee feststellt, dass zu Lëtzebuerg vun deenen ongeféier 150 Adoptiounen, déi mir am Joer hunn, just eng bis véier sinn, wou d'Kanner hei aus dem Land sinn an de Rescht aus dem Ausland eraus adoptéiert gëtt. Wann een dat der Tatsaach géinteniwwer setzt, dass zu Lëtzebuerg ganz vill Kanner drop waarden, fir an eng Famill placéiert ze ginn, ouni dass eng Adoptioun stattfënnt, da muss ee sech effektiv iwwert d'Motivatiounen an d'Beweggrënn vum System vun der Adoptioun eng Rei vu Froe stellen.

Ech wéilt awer hei zumindest eng aner Fro opwerfen, déi schonn de Mëtteg ugeklongen ass an och an der Kommissioun opgeworf ginn ass, an zwar déi: A wéiwäit déi heite Kommissioun ganz konkret kann Abuë verhënneren, déi am Kontext vun der Adoptioun geschéien? Net fir näischt gëtt jo regelméisseg de Problem vum Adoptiounshandel an der Press thematiséiert.

Beim System vun der Adoptioun gëtt et zwou Premissen iwwert déi grouss Eenegkeet herrscht. Déi éischt ass déi, dass et drëms geet, engem Kand eng Famill ze ginn an net enger Famill e Kand. Déi zweet ass déi, dass e Service, deen Adoptiounen organiséiert, dat nëmmen däerf an engem But non lucratif maachen.

Et ass awer guer net evident, Här President, dass déi Premissen ëmmer agehale ginn. Och dës Konventioun, do brauche mer eis kenger Illusioun hinzeginn, ka just bis zu engem gewësse Punkt hëllefen, déi Abuën an de Grëff ze kréien.

D'Fro vum Conseil d'Etat, ob een net wéinegstens misst den Adoptiounstourismus op déi Länner beschränken, déi der Konventioun bäitrieden, ass natierlech eng, déi ee muss diskutéieren, och wann dat, an dat ass och schonn hei gesot ginn, e relativ radikale Schrëtt wär. Et géife sech do wuel ganz konkret Konfliktfäll fir Lëtzebuerg stellen, wann een zum Beispill gesäit, dass de Guatemala, vu wou fir Lëtzebuerg zënter 1994 déi meeschte Kanner hierkommen, och e Land ass, wat net där Konventioun bäigetrueden ass.

D'Kommissioun ass net esou wäit gaange wéi de Conseil d'Etat. Et muss ee sech awer froen, ob Adoptiounsservicer ouni legislativ Contrainte bereet sinn, hir Aktivitéiten op déi nach net esou zahlreich Länner anzegrenzen, déi der Konventioun ugehéieren.

Wat d'Konventioun an hirer heiteger Form net mécht, dat ass déi verschidde Prozeduren a Kritären, déi an de verschiddene Länner herrschen, méi wäitgehend ze harmoniséieren. Ech denken do u maximal Käschte fir Adoptioun. Ech denken awer och u Mindest- an Héchstgrenze beim Alter vun den Elteren, a schlussendlech denken ech natierlech och un déi berühmte Fro vun der Liewensform vun den Elteren.

Do kann een allerdéngs stutzeg ginn, wann een am Artikel 24 vun dëser Konventioun liest: "La reconnaissance d'une adoption ne peut-être refusée dans un Etat contractant que si l'adoption est manifestement contraire à son ordre public, compte tenu de l'intérêt supérieur de l'enfant."

Déi Leit, déi sech mat dem Arrêt vun deem den Här Bettel virdru geschwat huet, befaasst hunn, déi erkennen déiselwecht Termen do erëm mat deenen hei argumentéiert ginn ass. Ech wär domat bei enger Thematik ukomm, déi an Europa zënter enger Zäitchen hefteg debattéiert gëtt.

Ech hat an der Commission juridique d'Fro opgeworf, ob mer net sollten d'Geleeënheet beim Schlawitchen huelen, fir méi allgemeng dann elo emol iwwert d'Problematik vun der Adoptioun an iwwert d'Konditiounen, déi adoptiv Eltere mussen erfëllen, ze diskutéieren. Dat ass mer leider verwiert ginn. Ech bedaueren och e bëssen, dass obwuel den Här Bettel elo hei eng Diskussioun proposéiert huet, ech an der Kommissioun leider net ganz vill Sekurs fir meng Virschléi kritt hunn.

Ech bedaueren dat net nëmmen, well mir als Gréng schonn ëmmer der Meenung woren, dass d'Diskriminatioune vun Eltere mat verschiddene Profiler missten opgehuewe ginn, tëschent hetero- an homosexuellen Elteren, tëschent bestuetenen an onbestuetenen Elteren, an awer och tëschent Koppelen a Singlen, mä ech bedaueren et och, well d'Regierung selwer schonn op diverse Plazen, zum Beispill an dem Accord gouvernemental, awer och a verschiddene Regierungserklärungen ugekënnegt huet, an dësem Beräich fir méi Demokratie wëllen ze suergen an alle Liewensformen déi gesetzlech Unerkennung ze ginn, déi se verdéngen.

Grad an dem Domän vun der Adoptioun besteet Handlungsbedarf, well nom Lëtzebuerger Gesetz, dat wësse mer, jo just bestuete Koppele kënnen eng Adoption plénière maachen. Dat ass notamment och erëm e Beräich, dee mat den internationalen Adoptiounen zesummenhänkt, well et an anere Länner aner Bestëmmunge gëtt, och wat d'Liewensforme betrëfft.

Wann ech gutt informéiert sinn, hu mer elo schonn e Fall viru Geriicht gehat, wou e Kand adoptéiert ginn ass vun enger Eenzelpersoun, a wou déi Persoun elo hei zu Lëtzebuerg Problemer huet, fir déi Adoptioun unerkannt ze kréien.

Här President, ech hunn dofir eng Motioun preparéiert, fir dass all déi Leit, déi mat mir enger Meenung sinn, an där hunn ech elo schonn hei gehéiert, kënnen och däitlech maachen, dass se där Meenung sinn, a fir dass dëse wichtege Sujet endlech heibannen traitéiert gëtt.

An där Motioun zielen ech net nëmmen all déi Konventiounen op, wou et ëm d'Thematik vun der Gläichstellung tëschent alle Persounen an och tëschent alle Liewensforme geet, mä ech weisen och op een aneren Arrêt hin, dee vun der Cour européenne des Droits de l'Homme geholl ginn ass, a wou ganz klor gesot ginn ass, dass keng Kategorie vun Adoptiveltere soll kënnen ausgeschloss gi fir Grënn, déi näischt mat hiren humanen an edukative Qualitéiten ze dinn hunn.

Mir invitéieren d'Regierung, déi national Législatioun en accord ze setze mat deene Grondprinzipien an och mat deene Konventiounen, deene Lëtzebuerg sech an dësem Beräich schonn ugeschloss huet.

Ech soen lech merci.

Motion 1

La Chambre des Députés,

considérant

- la législation actuellement en vigueur au Grand-Duché de Luxembourg selon laquelle l'adoption peut être demandée soit "par un époux au profit de l'enfant de son conjoint", soit par "deux époux non séparés de corps";

- que le mariage ne constitue en lui-même pas de garantie des qualités humaines et éducatives du ou des adoptant-e-s;

- que dans sa déclaration sur l'état de la Nation du 3 mai 2001, le Premier ministre a expliqué que "…Vill Leit, Fraen a Männer, Männer a Männer, Fraen a Fraen, liewen zesummen ouni bestuet ze sinn. De Stat muss deen individuelle Choix vu senge Bierger respektéieren. En däerf déi Leit, déi e getraff hunn, net mutwëlleg diskriminéieren";

et plus particulièrement

- l'article 21 de la Charte des droits fondamentaux de l'Union européenne du 7 décembre 2000 qui interdit expressément "toute discrimination fondée notamment sur le sexe (…) ou sur l'orientation sexuelle";

- la résolution du Parlement européen sur l'égalité des droits des homosexuels et des lesbiennes dans la communauté européenne datant du 8 février 1994, demandant aux Etats membres "que soit mis un terme

à l'inégalité de traitement des personnes de même tendance sexuelle au niveau des dispositions juridiques et administratives";

- la résolution du Parlement européen sur l'égalité des droits des homosexuels et des lesbiennes dans la communauté européenne du 8 février 1994, invitant la Commission à présenter un projet de recommandation sur l'égalité des droits des homosexuels et des lesbiennes devant chercher à mettre un terme à "toute restriction au droit des lesbiennes et des homosexuels d'être parents ou bien d'adopter ou d'élever des enfants";

invite le Gouvernement

- à prendre en considération l'arrêt Smith et Grady c. Royaume-Uni du 27 septembre 1999 (CEDH 1999-VI) de la Cour européenne des Droits de l'Homme, selon lequel l'intérêt des enfants susceptibles d'être adoptés commande qu'aucune catégorie de parents adoptifs ne soit exclue pour des raisons qui n'ont rien à voir avec leurs qualités humaines et éducatives;

- à revoir la législation nationale sur l'adoption plénière en mettant sur pied d'égalité les couples mariés et les couples non mariés;

- à tenir compte dans ce contexte de l'évolution des pays du Conseil de l'Europe, où la grande majorité des pays permet entre-temps l'adoption par une personne célibataire et n'exclut pas de façon absolue cette possibilité pour les personnes homosexuelles;

- à déterminer des critères précis, objectifs et indépendants du statut familial et de l'orientation sexuelle de l'adoptant-e ou des adoptant-e-s, sur base desquels sera jugé son/leur aptitude à assurer un développement harmonieux de l'enfant adopté.

(s.) François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Aloyse Bisdorff.

M. Aloyse Bisdorff *(déi Lénk).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Ausmooss, dat d'Kanner-adoptiounen an deene leschte Joren ugeholl huet, besonnesch Adoptiounen a Richtung vun Europa a vun Nordamerika, huet dozou geféiert, dass sech effektiv eng richteg Aart vu Maart gebilt huet, wou et a verschiddene Länner drëm geet, Kanner ze entféieren, se am Fong geholl ze stielen, fir se dann op dem Adoptiounsmaart kënnen unzebidden.

Dat ass och de Grond gewiescht, firwat dës international Konventioun gemaach ginn ass. Et ass och sécher, well et sech deelweis ëm e Geschäft handelt, d'Ursaach, firwat verschidde Länner déi Konventioun net ënnerzeechent hunn an och net ratifizéiert hunn. Ech ka mer ganz gutt virstellen, dass an deene Länner, wou dat de Fall ass: Südkorea, Indien, de Guatemala, vu wou gréisstendeels d'Kanner hierkommen, déi hei adoptéiert ginn, dass do eng grouss Lobby besteet, fir ze verhënneren, dass déi Konventioun soll ënnerzeechent ginn.

Et ass elo gesot ginn, d'Konventioun, déi wäert de Schutz vun de Kanner verbesseren, awer si applizéiert sech jo nëmmen dann, wann déi zwee Länner, dat heescht, do wou d'Kand hierkënnt an do wou et soll an der Famill adoptéiert ginn, déi Konventioun ënnerzeechent hunn. Wann dat bei engem Land net de Fall ass, dann ass dee Schutz net do. En ass jiddefalls net garantéiert, an dofir kann ech net verstoen, dass op eng Kéier hei gesot gëtt, et wär awer net vernünfteg, fir dem Statsrot säi Virschlag unzehuelen, an dass d'Kommissioun och net op de Wee gaangen ass, fir déijéineg Länner auszeschléissen, wou dës Konventioun net ratifizéiert ginn ass. Well wann dee Schutz fir d'Kanner jo nëmme ginn ass, wa vun deenen zwou Säiten déi Ratifikatioun ass, da géing dat bedeiten, dass fir 60% vun den Adoptiounen de Schutz vun där Konventioun fir Kanner, déi aus Korea, Indien oder dem Guatemala kommen, net garantéiert ass.

Een zweeten Aspekt, dee wichteg ass bei der Fro vun den Adoptiounen, dat ass dee vun de Kanner, déi aus engem ganz anere Kulturkrees kommen. Et ass esou, dass, wann déi Kanner méi grouss ginn, déi dat selbstverständlech feststellen an dann och sécher de Wonsch hunn, fir e bësse méi gewuer ze ginn, vu wou se hierkommen, fir d'Kultur, d'Sprooch an d'Liewensweis vun hirem Ursprungsland kennen ze léieren. Déi fille sech oft tëschent zwou Kulturen. Net an där wou se opgezillt an adoptéiert gi sinn an net an enger anerer, wou se vläicht e bësse sentimental awer nach dru gebonne sinn. Do entstinn Dramen doudsécher fir eng Rei vu Kanner, och wann dat net esou an de Statistiken oder a soss Zuelen zum Ausdrock kënnt.

Dat ass eng Fro, déi vläicht och net genügend ënnersicht ginn ass. Dat géing mech natierlech net drun hënneren, fir dëser Konventioun zouzestëmmen, mä ech, an ech widderhuelen et nach eng Kéier, bedaueren, dass dee Virschlag vum Statsrot, vun der juristescher Kommissioun net ugeholl ginn ass, dee Virschlag, deen dora bestanen huet, fir aus deene Länner, déi déi Konventioun net ënnerzeechent hunn, keng Kanner méi hei ze adoptéieren. Dat wär effektiv de Wee gewiescht, fir de Schutz vun de Kanner aus deene Länner ze garantéieren.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Minister François Biltgen.

M. François Biltgen, *Ministre aux Relations avec le Parlement.-* Här President, ech muss de Minister Luc Frieden entschëllegen, deen op offizieller Visite an Amerika ass, an och d'Mme Jacobs, déi op offizieller Visite zu Bitburg ass.

Den Här Paul-Henri Meyers huet hei en excellente Rapport gemaach iwwert d'Detailer vum Projet, an no deem, wat d'Riedner gesot hunn, wëll ech just op e puer Froen äntwerten, déi gestallt goufen.

Fir d'éischt emol dat Politescht. Et war haut d'Haaptdiskussioun, fir ze wëssen, wou kommen d'Kanner hier, déi hei zu Lëtzebuerg adoptéiert ginn, a wat soll eis Politik sinn. Solle mir nëmmen déi Länner acceptéieren, déi d'Konventioun ratifizéieren, oder och déi aner huelen?

Ech wëll do e puer Zuele soen: Vun 1994 bis 2002 sinn 226 Kanner aus Südkorea zu Lëtzebuerg adoptéiert ginn. Da kënnt de Peru mat 75 Kanner. Dat drëtt Land ass de Guatemala mat 48 Kanner, dann Indien mat 44 Kanner, Rumänien mat 39 Kanner a Lëtzebuerg selwer mat 21 Kanner. Da kommen déi aner Länner.

Opgrond vun deenen Zuele wär et irrealistesch fir elo vun haut op muer ze soen, mir huelen nach just déi Länner un, déi d'Konventioun ratifizéiert hunn. Et ass eng Saach vu Machbarkeet. Op där anerer Säit ass et e wichtegt Signal, dass mer déi Konventioun ratifizéieren an dass mer de Message mat op de Wee ginn, dass mer eis natierlech no deene Länner orientéieren, déi d'Konventioun ratifizéiert hunn, respektiv no deenen, déi bereet sinn, d'Konventioun ze acceptéieren an duerchzeféieren, ouni dass si se ratifizéiert hunn. Wa mer géife vun haut op muer nee soen, kënnt ech mir virstellen, dass mer do vill Problemer am Land hätten, an ech géif gäre gesinn, an ech soen dat fir déi Deputéierten, déi fir d'Solutioun plädéiert hunn, mir sollen nach just Adoptiounen acceptéiere vun deene Länner, déi d'Konventioun ratifizéiert hunn. Do mengen ech, dass se vill Bréiwer géife kréie vu Leit, déi da grouss Schwieregkeeten hätten, fir nach iwwerhaapt e Kand ze adoptéieren.

Dat zu der politescher Finalitéit. Ech si ganz frou, dass d'Chamber mehrheetlech zu der Propositioun komm ass, fir hei op de richtege Wee ze goen, ouni dat awer esou radikal ze maachen, dass et net praticabel wär.

Da kommen ech zu de juristesche Froen. Do war et esou, dass am Rapport den Här Meyers selwer zwou Froen opgeworf huet, an zwar huet e gefrot, wat et mat den Artikelen 1045-1 an 1045-3 vum neie Code de procédure civile op sech hätt, déi virgesinn, dass Pièces à l'appui sollen déposéiert ginn. Wat fir eng Pièces à l'appui sinn dat?

Do ass et esou, dass déi Artikelen eigentlech ofgeschriwwe si beim Artikel 1036 vum neie Code de procédure civile. Bis elo ass deen Artikel ugewandt ginn an do war keng Schwieregkeet. Wat sinn d'Pièce vum Dossier? Fir d'éischt emol d'Pièce, déi d'Leit selwer mengen, se misste se ofginn, fir hirer Requête e gewëssenen Nohalt ze ginn. Dat ass den état civil. Dat sinn d'Pièce vun der Prozedur, déi se besonnesch dohanne gemaach hunn, de Rapport social, Pièce, déi sech iwwert hir Honorabilitéit ausschwätzen. Dann ass et jo och esou, dass den Tribunal souverän ass ze soen, déi do Pièce gi mir net duer, bréngt mir nach Pièce no. Ech mengen, dass déi Formulatioun an der Praxis keng Schwieregkeet géif maachen.

Zweet Fro, déi am Rapport stong: Wat ass, wann elo e Service mengt, deejéinegen, deen d'Kand wëllt adoptéieren, deen hätt net déi richteg Aptitüde fir dat Kand ze adoptéieren, oder wann dee Service carrément refuséiert, fir den Adoptant ze évaluéieren? Och do läit d'Äntwert d'selwecht wéi virdrun. Den Tribunal ass ëmmer souverän. Den Tribunal kann noutfalls de SCAS froen, fir eng onofhängeg Evaluatioun vun dem Adoptant ze maachen, wann de Service dat net wéilt maachen.

Do musse mer einfach Vertrauen an d'Riichter hunn. A wann een e bëssen d'Praxis kuckt zu Lëtzebuerg, mengen ech, dass an deem dote Fall mir awer esou vill Erfahrung hunn an d'Riichter esou vill Erfahrung hunn, dass dat misst iwwert d'Bühn goen, an dass d'Gefor net kënnt antrieden, dass hei iergendee Service, deen agréiert ass, emol géif engem verhënnere je eng Kéier kënnen e Kand ze adoptéieren, wann déi Motiver net richteg wären.

E leschte juristesche Punkt ass dee vun eiser aktueller Gesetzgebung, dee vun dem Här Bettel an och vun der Mme Wagener kuerz ugeschnidde gouf. Mir kënnen ëmmer eng Debatt driwwer maachen, Mme Wagener, fir eist Recht ze änneren. Wat awer keng Fro ass, dat ass, wéi eist Recht ausgesäit, well eis Dispositioune sinn ähnlech, net grad esou wéi a Frankräich, dat heescht, een, dee Célibataire ass - wéi dat erauskomm ass bei der Diskussioun iwwert d'homosexuell Koppelen, déi mir hei haten -, dee ka keng Adoption plénière maachen, e kann awer eng Adoption simple maachen. Mir haten eng Affär am Land, déi bis bei d'Cour constitutionnelle gaangen ass, wou d'Cour constitutionnelle gesot huet, dass déi do Distinctioun net géif géint d'Verfassung verstoussen.

An deem Fall, dee mer hei haten, ass et net iergendwéi ëm homosexuell Koppele gaangen, mä et ass ëm eng eleng stehend Persoun gaangen, déi dee Problem hat, dass se am Ausland huet missen eng Adoption plénière maachen an dofir zu Lëtzebuerg Schwieregkeeten hat.

D'Diskussioun ass zu Lëtzebuerg juristesch no deem Uerteel vun der Cour constitutionnelle ofgeschloss, well d'Cour constitutionnelle gesot huet: Adoption plénière an Adoption simple, dat sinn zwou Saachen, an domat ass keng Diskriminatioun tëschent de Leit. A wann ech elo dat Uerteel liese vu Stroossbuerg, mengen ech, dass keng Rechtsonsécherheet an der d'Lëtzebuerger Gesetzgebung ass. Wann eng Majoritéit vun der Chamber wéilt déi Gesetzgebung änneren, ass dat ëmmer nach de politesche Wëlle vun der Majoritéit vun

der Chamber. Ech mengen awer, dass d'Diskussioun net misst geféiert gi fir erauszefannen, ob eise Rechtssystem zu Lëtzebuerg conforme zu der Verfassung oder zu dem europäesche Geriichtshaff ass.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 4 si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4820.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet 4820 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass unanime mat 56 Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par Mme Nelly Stein), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Patrick Santer), Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Claude Meisch), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Niki Bettendorf), MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Theo Stendebach), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. John Schummer), John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Georges Wohlfart), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Jos Scheuer), Mme Lydie Err (par M. Jeannot Krecké), MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Gast Gibéryen), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch (par M. Robert Garcia), Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira) et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Motion

Mir maachen de Vote iwwert d'Motioun, déi d'Mme Wagener abruecht huet.

Vote

Déi fir d'Motioun sinn, stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthale sech.

D'Motion ass verworf gi mat 38 Nee- géint 16 Jo-Stëmmen an zwou Enthalungen.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn (par M. Marc Zanussi), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Alex Bodry) MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Jeannot Krecké), Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Jos Scheuer et Marc Zanussi;

MM. François Bausch (par M. Camille Gira), Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Renée Wagener) et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Nico Loes), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert (par Mme Nelly Stein), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Patrick Santer), Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Claude Meisch), MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Niki Bettendorf), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. John Schummer), John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Jean-Pierre Koepp), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Se sont abstenus: MM. Xavier Bettel et Georges Wohlfart.

Mir sinn um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtteg um 14.30 Auer.

(Fin de la séance publique à 18.40 heures)